N°8194
Entrée le 07.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°8194 du 31 juillet 2023 de Madame la Députée Diane Adehm au sujet de la faillite de Kleos Space**

De Lëtzebuerger Staat huet net an d'Firma Kleos Space investéiert an och keng Participatioune an der Firma geholl.

D'Luxembourg Space Agency (LSA) an de Wirtschaftsministère hunn reegelméisseg Echange mam Betrib a waren esou och iwwert den verstäerkte Finanzéirungsbesoin an de Risiko vun enger Faillite vun der Firma informéiert. Et ass nach keng Prozedur fir eng eventuell Faillite opgemaach ginn a aktuell féiert d'Firma Kleos Gespréicher mat méiglechen Repreneuren an Investisseuren, den Wirtschaftsministère an d'LSA sinn iwwer dës Gespréicher informéiert.

Haut zielt de Lëtzebuerger Weltraumsecteur ronn 80 ëffentlech a privat Acteuren, a beschäftegt iwwer 1400 Leit. Et ass ee vun den dynameschsten Secteuren vun eiser Wirtschaft. Et ass och e Secteur, dee Lëtzebuerg international positionéiert.

Den Lëtzebuerger Weltraumsecteur konzentréiert sech op spezifesch Aktivitéitsfelder, dorënner Weltraumressourcen, Telekommunikatioun an Äerdobservatioun. D'Entwécklung vum Weltraumsecteur ass op enger Linn mat den digitalen an nohaltegen Ziler vun der Lëtzebuerger Wirtschaft. D'Nohaltegkeet ass dofir am Zentrum vun der neier Weltraumstrategie fir d'Joren 2023 bis 2027. Dës ass an 4 grouss Beräicher opgedeelt:

- Nohaltegkeet vun Aktivitéiten op der Äerd
- Nohaltegkeet vun Aktivitéiten am Weltraum
- Nohalteg Notzung vun Space Ressourcen
- wirtschaftlech Nohaltegkeet

De Weltraumsecteur am Allgemengen, an d'Äerdobservatioun besonnesch, droen derzou bäi déi grouss Defien vum Ëmweltschutz unzegoen.

Luxembourg, le 07/09/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot